N°2734
Entrée le 05.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.08.2025
Chambre des Députés

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Säit dem Joer 2016 goufen d'RGTR-Linnen etappeweis reforméiert an erweidert. Déi Changementer goufen 2022 mat der Ëmstellung vun de Linnennummeren ofgeschloss.

An deem Kontext géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi dacks wärend de Joren 2023 an 2024 Linne ganz ausgefall sinn, souwéi ob déi entspriechend Ausfäll jeeweils ob en Accident, en technesche Mangel um Gefier oder aner Ursaachen zeréckezeféiere waren an dës gegeebenefalls preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten